

Den Dikrecher SCALA

Skizz vun enger Sallbiographie

Wéi de Louis Schmitz mech gefrot huet, haut am Kader vun den Dikrecher Filmdeeg d'Geschicht vum SCALA ze skizzéieren, sot ech spontan, kee Problem, dat geet an e puer Sätz. Awer wéi ech mech du wollt drusetzen, fir dee klenge Speech hei viirzebereeden, hunn ech gemierkt, datt déi Geschicht guer net sou evident ass, an datt et net virun e puer Joer wor, wéi mer versicht hunn, hei rëm Kino ze spillen, mee datt dat bal 40 Joer hir ass, an datt de SCALA natierlech och do virdrunn well eng Geschicht hat, déi ech hei awer nuren kuerz undeite wëll, well ech dei net selwer materliewt hunn.

De SCALA wor d'Veräinshaus am Kader vun der Dikrecher Por, an an deem Veräinshaus wor och e Kino, dee regelméisseg fonkctionéiert huet an enger Zäit, wou de Kino nach eng immens Roll gespilt, well Tele a Computer fir den normale Bierger nach keng Begrëffer woren, oder awer e Privileg oder eng Spezialisatioun, déi am Alldag vun deene meeschte Leit nach keng Wichtigkeet haten. Mir sinn an der Stad als Kand oder als Lycéesschüler mat der Famill oder mat de Kollegen alles kucke gaang, samschdes owes oder sonndes no der Vesper, wat iergendwéi *jugendfrei* wor, well ouni *Carte d'identité* kum ee bei aner Filmer net eran. Ech huelen un, datt hei zu Dikrech de Kino deemols grad sou geboomt huet am Ciné Caméon vun der Famill Welter an der Garer Strooss, virdrun am Cinéma-Palace vun der Famill Meyer-Alff an der Groussgaass an hei am Scala, dee vun de kathoulesche Veräiner bedriwwe gouf a wou ënnert anerem de Louis Minette an de Marcel Nickels sen. d'Filmer gewisen hunn.

An der Stad wor et de Capitole (zanter 1931), den Eldorado (zanter 1949), den Europe (vun 1963 un), de Victory, deen souguer schons zanter 1917 ënnert engem aneren Numm existéiert huet, de Marivaux (seit 1928), deen 1954 fir d'éischt fir Cinémascope équipéiert gouf, de Yank an de Cour, an dann de Cité, deen 1958 mam *Pont de la Rivière Kwai* opgoung, 1969 nach grous renovéiert gouf an

dunn *The longest day* gewisen huet, an 1997 zougemaach huet, iert d' Stad Lëtzebuerg en iwwerholl huet.

Déi meescht vun deenen aneren Säll haten et laang virdrun opginn. Schluss 60er, a besonnesch an de 70er an an den 80 er Joren, sinn d' Kinobetriiber, déi oft Familljebetriiber woren, uerg an d' Labyrenten geroden. De Capitole huet 69 zougemaach, den Eldorado an den Europe hunn et nach mat verschiddenen Ëmstrukturéierungen bis 1988 gepackt, de Victory ass 92 zougang, de Marivaux 1997, de Yank well 1980. Zu Dikrech kann ech mech erënneren, datt ech ugaangs de 70er nach a Weltesch e Film gesinn hunn, de Scala hat du schons keng regelméisseg Projektione méi.

Mee parallel zum wirtschaftleche Réckgang vun de Kinoen, ass den Interessi un der Filmkonscht an un den engagéierten Aussoen vun de groussen Cinéasten besonnesch bei der Jugend gestiegen. A ville Lycéen gouf et en *Ciné-Club*, mir haten um Lamperbierger Veräinshaus, an der éischter *Maison des Jeunes* hei am Land iwwerhaupt, schons zanter der Mëtt 60er Joren e regelméissegen *Ciné-Club* lafen, wou bei den Animateuren ewell Leit wéi Joy Hoffmann a Nico Simon dobäi woren. 1970 hunn d' Stater Cinécluben sech zesummegegedoen als *Ciné-Club 70*, deen dunn den *Ciné-Club 80* gouf, déi versicht hunn, thematesch Weekender a Stagen ze organiséieren, och mol méi rare a wäertvoll Filmer ze weisen an ze kommentéieren, an awer och mat verschiddene Säll zesummenzeschaffen. Doraus sollt spéider den UTOPIA enstoen, deen 1983 opgoung.

Wat huet dat alles mamm Ciné SCALA ze dinn, frot der mech lo sécher. Abee, mir hunn als jonk Proffen, déi hei an den Dikrecher Kolléisch genannt goufen, e *Ciné-Club* viirfonnt, dee mer iwwerholl hunn, a fir dee mer vun de Stater Kollegen d' Filmer verschafft kruten. An du gouf am neie Gemengerot, deen am Januar 1976 ugetrueden ass, eng Kulturkommissoun agesat, wou vun alle Parteien relativ jonk Leit matgemaach hunn, a mir hunn deemols versicht, eng Rei Gebidder ze bestëmme, wou mer vun der Gemeng hier kulturell

Aktivitéiten an Initiativen ustousse kënnten. Deemols ass d’Galerie am Wirtgensschlass entstan, mir hunn *d’Exploration du Monde* an Theateropféierungen an der Sauerwiss organiséiert, Konferenzen an Ausstellungen am Kolléisch, Konzert’sen an der Aler Kiirch, an et wor relativ evident, datt mer mam SCALA, dee jo als Kinosgebai do stung, geliebäugelt hunn.

De Schefferot wor d’accord, zum Deel och, well mer Räum fir d’Veräiner gebraucht hunn an no an no och zousätzlechen Raum fir Schoul a Musiksschoul, den Immeubel an der Jhang-de-Blanne-Strooss ze lounen, an de Buergermeeschter Steichen huet mer 10.000 Frang accordéiert fir de Kinossall am Scala, wou mer vu 1977 un regelméisseg 16mm – Filmer gewisen hunn, iergendwéi anzeriichten. Ech si mat déer Promesse an d’Keess vum Eldorado gaang an hunn déer erstaunter Madame, déi mer wollt en Entréesbilljee verkafen, gesot, mir hätten héieren, si géifen renovéieren an hir al Miwwel verkafen, ech bricht Kinosstill. Abee, ech krut se, e puer honnert Stéck, verschiddener nach gudd erhal, anerer méi oder wéineger schrotträif, an ech sinn duerno laang schif gekuckt ginn vun der technescher Equipe ëm den Aloyse Weiler. Si hunn d’Still an der Stad lass geschrauwwt, an zu Dikrech aus deene Reschter rëm eppes iwwer honnert brauchbar Still zesummegebastelt : an d’Jongen hu mech zimmlech verflucht !

Technesch hu mer am Ufank mat 16mm geschafft, kruten och nach keng aner Filmer. Ech ka mech erënneren, datt ech mamm Jos Eilenbecker déer Filmrollen op d’Gare vun Tréier hu misse siche fueren an da fënnf Minuten virun der Projektioun zréck woren. Heiandsdo hu mer selwer de Film projezéiert, mamm 16mm gong dat in etwa ouni zevill *Casse*, obschons de Jos an ech technesch zimmlech onbegabt woren. Eng Kéier, weess ech nach, datt ech gehofft hat, ech kënnt rëm heemgoen, well kee kouw, an de Film mech net speziell interesséiert huet, an du kumm een, an deen huet drop gehal, de Film ze gesinn.

Mee mir haten d'Chance, datt eng Rei Kollegen, déi de Virus vum Film a sech haten, praktesch vun Ufank un matgemaach hunn : de Marcel Nickels père, deen am SCALA bi an d'60er Joren Opérateur gespilt hat an also Spezialist wor, de Marcel Nickels fils, den Aloyse Liefgen, de Louis Schmitz an vum techneschen Service de Lucien Henckes.

Anerersäits konnte mer och op meng Stater Kollegen zielen, déi eis no an no nei Filmer geliwwert hunn an eis mat an de Réseau vun de netkommerziellen Säll, de CDAC, geholl hunn, wou ech säithier d'Eier hat, Präsident ze sinn, a wou mer zanter 1983 eng Konventioun mam Kulturministär hunn. Mir hunn also praktesch vun Ufank un mat deenen aneren net kommerziellen Säll zesummegechafft a mam Cinéma UTOPIA, wat de Kontakt mat den Distributeuren ugoung. Iwwer d'Konventioun mam Stat konnten d'technesch Installatiounen ëmmer rëm moderniséiert ginn, sou hu mer relativ schnell de 35mm-Bauer-Projektor rëm un d'Rulle kritt, an hunn de Nickels junior, de Liefgen, de Schmitz, den Henckes a spéider dem Henckes säin Edem, de Romain Wolff, an d'Formatioun gescheckt fir 35mm-Maschinist. Duerno koom eng nei Sonorisatioun DOLBY (1988), dunn en neien Ecran, dunn eng Xenonsluut (1989), am Laf vun de Joren gouf d'Kabine ganz ëmgebaut a moderniséiert, bis mer dann 2012 mat allen CDAC-säll op den Digitalsystem ëmgeklomm sinn.

Ech wëll iech lo net langweilen mat déer laanger Lëscht vun den techneschen Verbesserungen am Laf vun de Joren oder mat de Komplikatounen, déi d'Verträg iwwer den Digitalvertrieb mat sech brengen, mee ech well awer ënnersträichen, datt d'Servicer vun der Gemeng an all deene Joren oft am Asaatz woren fir ëmzebauen, unzesträichen, ze botzen, an datt eis Iddi, de SCALA als Gemengekino lafen ze loossen, eis erlaabt huet, iwwer dräi Jorzengter ewech de SCALA als regelméissege Kino lafen ze loossen. D'Nadine Petit an de Carlo Goetz hunn nom Henckesse Luc senger Pensioun d'Relève op eng wierklech professionnel Aart a Weis geholl. Pour la petite histoire : ir et hei op der Gemeng wor, war d'Nadine Delegéiert am CDAC vum Kino Präbbeli vu Wolz! Net ze vergiessen déi Leit ronderëm, an der Keess an am Service. Erlaabt mer do e klenge

Gedanken fir d'Madame Anni Dudzinski-Weber, déi an den 70er an 80er Jaren mat grousser Begeeschterung d'Keess gemaach huet, a gekrach huet, wéi se mat 76 Jar huet missen ophalen.

Zréck zur Geschicht. Ech hunn hei e Kulturprogramm vum Wanter 1980-1981 erëmfonnt. Do stinn well 11 regelméisseg Filmer dran, 4 dovun a 35mm, 4 Filmer, och am 35mm, am Kader vun engem polneschen Filmfestival (mat ënner anerem dem Andrzej WAJDA senger *Terre de la grande Promesse*), 5 KIFIKAKLUB-Filmer fir d'Primärschoulsklassen (de Schoulmeeschter Léon Borschette wor iwwrégens zoustänneg fir de KIFIKA) an d'Première vum AFO-Film aus dem LCD : *Wat huet e gesot ?* 21 Eenter also a 4 Méint, 4 Joer virun der offizieller Réouverture.

Vum Hierscht 1985 un gouf nämlech rëm am SCALA all Weekend (freides, samschdes, sonndes) Kino gespilt. D'*Exploration du Monde* wor deemols nach am Festsall vun der Sauerwisssschoul. Am Kinosgrupp vun der Kulturkommissioun, dee rersponsabel wor fir de SCALA , woren mat mir de Jos Eilenbecker, de Lucien Henckes, de Louis Schmitz, den Aloyse Liefgen an den Hubert Bauler.

An de folgende Joren gouf de Sall weider verbessert, an eng méi grouss Moderniséierung koum dunn 1989. Hei, wat ech a mengem Viirwuert am Kulturprogramm vum Dezember 1989/Januar 1990 duerzou erëmfonnt hunn : « *Unser Kinosaal ist seit dem 15. September 1989 neu eingerichtet : bequeme Sessel, gemütliche Atmosphäre, bessere Technik ! Allerdings ist die Instandsetzung noch nicht ganz abgeschlossen : wir wollten den Kinobetrieb nicht zu lange lahm liegen lassen. Während der kommenden Wochen und Monate wird die letzte Phase der Neugestaltung an den filmfreien Tagen fortgeführt werden, und wir hoffen, zu Beginn des Jahres 1990 den « SCALA » als vollständig renoviertes und modernes Kinohaus mit einem anziehenden Spezialprogramm einweihen zu können.* »

Déi Aweigung huet dann och stattfonnt mat enger exklusiver Filmviirféierung vun enger belsch/franzéisch/lëtzebuurger Coproduktioun : « *ABRACADABRA* » a Präsenz vum Regisseur a vun de

Schauspiller. Ech ka mech nach just un d'Fotosblätzer erënneren, souvill Journalisten hunn ech nie méi hei zu Dikrech beieneen gesinn. Si waren och eigentlech net do wéint dem Scala oder de Lokalpolitiker, mee wéint e puer Vedetten, ënnert hinnen och den Thierry Van Werweke. Ech hunn d'Zeitungsartikelen net rëmfonnt, déi gëtt et awer : avis aux amateurs !). Allerdéngs wor déi *Séance d'ouverture* réischt annerhalleft Joer méi spéit, wéi ursprüngelech viirgesinn, nämlech am November 1992. De Kommentar am Kulturprogramm : « *Et hat laang gedauert, mä et wor derwäert* ». Et gouf en neien Ecran, deen lo méi no vir zum Publikum hin placéiert wor, eng wesentlech Verbesserung vun der Akkustik a vun der Bildqualitéit an nei technesch Installatiounen an der Projektionscabine. Och vun 1992 bis haut hunn ëmmer rëm nei Aariichtungen déi al ersat oder verbessert. D'Gemengenservicer hunn no de Räumlechkeeten gekuckt, de Nico Simon a seng Leit stungen bei de fimtechneschen Detailler mat Rot an Dot zur Säit.

De SCALA, dee mer also no an no nei beliebt kruten, huet no der grosser Kinokriis mat sengen üblechen Héichten an Déiften iwuer d'Jorzengten weider fonktionnéiert, well och ëmmer rëm Leit sech fonnt hunn, déi d'Passioun vum Kino haten, déi sech fir eng perfekt Organisatioun a fir d'Qualitéit vun de Projektionen agesat hunn, an dat waren lo zanter enger Rëtsch Joren eben d'Equipe ëm d'Nadine an de Carlo, déi jo seit enger gewësser Zäit zousätzlech e grouse Coup réaliséiert hunn mat deene flotten an erfollechräichen *Open Air Séancen*.

Interessant wäer nach e Bléck op d'Zuschauerzuelen vum SCALA. Ech hat iech vun déer *Séance* geschwat, wou ech Opérateur wor mam Jos Eilenbecker fir ze hëllefen, *engem* Visiteur am Sall an der Madame Dudzinski an der Keess, dat wor nach « *Service au client* » ! Abee, fir lo de leschten Iwwerbléck vum CDAC ze kucken : 2011 hat de SCALA 7.227 Visiteuren, 2012 : 10.393, 2013 : 10.505, 2014 : 11.825 an 2015 : 14.048 vun eppes 88.000, déi an de 6 CDAC'ssäll an an deenen 2 Säll vum CNA (dem Ciné Starlight) gezielt goufen.

Dir Dammen an Dir Hären !

Zesummen hu mer erreecht, datt de SCALA 40 Joer iwwerliewt huet an als Kino funktionnéiere konnt an enger stänneger Wiesselwierkung tèschent neien *Blockbusteren*, aktuellen an oft wéineg usprochsvolle Filmen, déi de Publikum unzéien, engersäits, a qualitativ héichwäertegen Produktiounen, déi éischer e reduzierten Cinéclubspublic interesséieren, anerersäits. Dobäi koumen natierlech eng sëllechen Kannerfilmer a Filmer fir d'Veräiner oder d'Lycéesstudenten. E puer Generatiounen vu Jugendlecher an Erwuessener haten sou d'Geléenheet, Ennerhalung an Amusement, awer och Filmkonscht mat philosopheschen, sozialkriteschen a pädagogeschen Iwwerléungen ze genéissen. Mat dëser Wiesselwierkung vun attraktiven Moudfilmer an Cinéclubsprouktiounen huet den CDAC am Land an och zu Dikrech de Kino dezentral weiderliewe gelooss, trotz, an zum Deel och mat dem kommerzielle Kino, dee sech jo haut, wéi dat leider an der Weltwirtschaft esou üblech ass, vun de Familljebetriiber zu de Grousskonzernen hin entwéckelt huet, a mat dem Iwwerhuelen vun UTOPIA s.a. duerch KINEPOLIS geet et wuel an déiselwecht Richtung weider, wat eis nach wäert virun nei *Challengen* stellen.

Mat engem Aa, wat kräischt, well mer keng definitiv Léisung fir dëse Kino SCALA fanne konnten, an engem Aa, wat laacht, well de neie Kino Dikrech vläicht dach awer déi logesch Suite duerstellt vun eise Beméiungen, de lokalen a regionale Kino trotz alle Kassandrarriff iwwerliewen ze loossen, a well mer denken, datt dëse neie Gemengekino net wäert ennergoen an engem automatiséierten Konsumdenken, mee viru bedriwwe ginn vu Leit, dei inspiréiert bleiwwen vun der Begeeschterung fir gudde Kino, an datt doraus eng kulturell Plus-value fir Dikrech an d'Nordstad enstoe kann, soen ech *bye bye Scala an toy toy toy Kino Dikrech !*

Robert Bohnert

06.11.2016